



CAMP NOBAUEN, FIR ALL D'BRANCHEN*

Aufgab

Och wa während der Coronakris eis Versammlungem, Sortien, Weekender a lo souguer och de Camp ausfalen, sou freeë mir eis émsou méi op deen éischten duerno.

An duerfir baue mir eis elo en Deel dovun no.

Wat s du brauchs

- alles wat s du bei dir doheem, am Gaart, rondrëm däin Haus, etc. fénns
- ee Fotoapparat



Esou geet et

Biber a Wöllefcher

Wéi stells du Dir e Scoutscamp vir?

Probéiert dat nozebauen, mat Material wat's du am Haus oder soss éierens fénns.

Avex, CaraPio a RaRo

Sich Dir eng Konstruktioun oder een Element vun engem Scoutscamp raus, a bau et mat iergendengem oder ganz vill verschiddene Materialien no.

Awer w.e.g. keen Zelt mat engem Zelt nobauen ;)

Mir gi bewosst kee Beispill vir (vu Material a Konstruktioun). Looss denger Kreativitéit fräie Laf.

Du wars wahrscheinlech jo schonn op engem Camp :)



Lued eng Foto vun denger Aktioun op igs.lu/scoutendoheem erop.

*De Gewinner aus all Branche gewünnt
een Opinel Messer.

